Groupe parlementaire

Depot: Fred Keup

Lëtzebuerg, de 24. Abrëll 2024

PLs 8383 & 8384
PSC & PNR

3

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt:

- den Transportsecteur duerch déi héich Kraaftstoffpräisser ënner staarkem, finanziellen Drock steet;

ass sech bewosst, datt:

- d'Betriber bei eise belschen a franséischen Nopere vum professionellen Diesel profitéieren;
- ëmmer méi Camionen am Ausland amplaz zu Lëtzebuerg tanken, wouduerch déi entspriechend Steierrecetten aus dem Tanktourismus verluer ginn;
- den nationale Secteur mëttelfristeg gezwongen ass, dës Zousazkäschten un d'Cliente weiderzereechen, wat zu enger staarker Präishausse fir d'Konsumente géif féieren;

fuerdert d'Regierung op,

- zu Lëtzebuerg de betriblechen Diesel nom belschen a franséische Virbild anzeféieren an dobäi sécherzestellen, datt de Präisniveau zu Lëtzebuerg doduerch méi niddreg gëtt wéi an eisen Nopeschlänner.

Fred Keup

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742